Syndicat National des Pompiers Professionnels du Luxembourg

# Generalversammlung 2023

## Christian Dimmer

Ech soen all den Memberen Merci fir hiert Vertrauen. Speziell wëll ech iech Merci soen, datt dir iech haut Zeit geholl hutt fir un eiser 5. Generalversammlung deel ze huelen. Ech wëll awer och den Kollegen am Comité Merci soen, déi mir déi lescht Zeit vill Aarbecht ofgeholl hunn. Nom Bob senger Begréissung wëll ech iech erzielen, wat mir d'lescht Joer sou geschafft hunn. Niewent eisen ordinairen Comité-Versammlungen hunn mir nach folgend Punkten.

Fir d'Interessi vum administrativen an techneschen Personal an d'Validation des acquis et experiences (ab 2024) ass den Mike am Coup.

Fir den Groupe "Bien être" vun der RH vum CGDIS ass et den Jil, deen den SNPPL vertrëtt. Am INFS sinn 2 Groupe curriculaire gegrënnt ginn. Hei soll 2024 d'Formatioun iwerschafft ginn. Fir den SAP ass et den Fränz an fir den FIS ass et den Bob, déi do den SNPPL vertrieden.

Den Dan Horsmans ass eisen Mann an der DMS. Hei waren d'Themen ënnert anerem Medico an den Infirmier Dispatcher. Als Examens Beobachter an der C1 sinn mir vertrueden mam Malvina an mam Jil.

Am Dossier Grades ass et den Pierre Müller, deen d'Interessi vun den professionellen Pompjeen vertrëtt.

Eisen Mann am Verwaltungsrot ass den Mike. Hien huet een berodenden Posten am CA.

Fir d'Egalité des Chances ass et d' Malvina, wat den SNPPL vertrëtt.

En Numm, deen bei all Dossier méi oder nach méi am Coup ass, ass natierlech den Bob, deen als President bei villem dobai ass an bei allem Bescheed weess.

An eisen Réuniounen mam CoDir hunn mir eis ënnert anerem iwert folgend Sachen ënnerhal:

Mir hunn den CGDIS drop opmierksam gemaach, datt d'Leit sou lues un hieren Grenzen ukommen an datt mir eis Suergen maachen, dass si den CGDIS verlossen. Hei hunn mir souguer gefuerdert, d'Foco rof ze setzen. Obschon d'Foco fir eis wichteg ass, sinn mir der Meenung, datt et wichteg ass, genuch Leit um Terrain ze hunn. Wat och net duerf ausser Uecht gelooss ginn, ass d'Reklam déi d' Personal vum CGDIS fir hire Betrieb mëscht. Wann dobaussen een sech informéiren wëll wéi et beim CGDIS sou ass, da hunn mir all Interet drun, datt een zefriddenen Mënsch hinnen äntwert. Beim Recrutement ginn mir net midd ze soen, dass et net duer geet. Während den CGDIS op déi Leit verweist déi kommen, verweisen mir op déi Leit déi net kommen. Also déi, déi eis herno um Terrain am Effektiv fehlen.

No eiser leschter Generalversammlung sinn mir vum Büro Recrutement vum CGDIS an eng Versammlung invitéiert ginn, sie haten gemengt d'Kritik iwert den Recrutement aus eiser leschter Generalversammlung, wie un sie gerischt gewiescht. Et war fir eis en ganz interessanten Austausch, wou mir och en detailéierten Anbléck op hir Aarbecht awer och op hir Hürden kruten. Mir sinn aus dëser Versammlung raus gaangen mat der Conclusioun, datt et gutt war, datt mir an dësem Dossier Drock gemaach hunn.

Ënnert dem Strich kann een soen, datt mer lo am Recrutement méi wäit sinn. Et ginn mëttlerweil Videoen gemach mat Leit vum Terrain, déi wierklech dofir gemach sinn. Et ginn Berufspompjeeën op Informatiounsstänn matgehol fir Froen ze beäntwerten, déi d'Arbecht vum professionellen Pompjee betreffen. Trotz all dësen Beméiungen geet et mat den Zuelen nach ëmmer net wäit genuch rop, sou datt mir hei den Drock oprecht erhalen wäerten.

Mir hunn och, oder rem, deen een oder aneren Fall wéinst Mesure Disciplinaire. Hei war den Austausch gutt an mir sinn zefridden, datt dës Fäll hir richteg Suite kruten. Nämlech déi, datt se un déi zoustänneg Servicer beim Staat weider geleed ginn. Den Commissariat du gouvernement chargé de l'instruction disciplinaire (CGID) këmmert sech hei ëm all d'Fonctionnairen an bei den Employeën just ëm déi, déi méi wéi 10 Joer beim Staat schaffen. Den CGID stellt sécher dass déi néideg Distanz an Neutralitéit agehal gëtt. Mir als SNPPL begréissen et, datt et sou een Service beim Staat gëtt.

Leider ass d'Santé net zoustänneg fir eis. Am Dossier Site Wasserbëlleg, wou mir wéinst den Hygiënebedingungen reklaméiert hunn ënnert deenen d'Leit, zumols

d'Instrukter schaffen mussen, wei zum Beispill: keen proppertt Wasser, keng Dusch, schlecht Loftqualitéit asw. kruten mir gesoot, datt et d'Assurance Accident wär, déi an der Verantwortung wier. Lo muss een wëssen, datt d'AAA keen Pouvoir huet. Si kënnen just beroden. An der Verantwortung ass den CGDIS. Hei fehlt déi néideg Distanz an Neutralitéit. Ech sinn mer sécher, datt beim ganzen Staat keen Fonctionnaire ënnert sou Konditiounen schaffen muss.

Fir eis Leit am Stage setzen mir eis och regelméisseg an. Hei war een grousses Thema d'Verdeelen vun den Leit nom Stage op hir respektiv CISen. Hei stellen mir mat Freed fest, dass dat ganz fair ofleeft. Déi eenzeg déi sech hei nach beschwéieren, sinn CIS Cheffen. Déi kréien net genuch professionell Leit fir dat, wat vun hinnen verlaangt gët, ze erfëllen.

Mir kréien net all Notiz vum CGDIS, den Comité Directeur as och der Meenung, dass sie eis net fir alles froen mussen. Bei der Notiz vum refus de transport war dat och sou. Hei waren mir awer guer net d'accord an hunn dowéinst och intervenéiert. Ech zitéieren hei 2 Abschnitter aus eisem Avis:

Et gëtt hei gedoktert a gepléischtert, wou et néideg wier der Saach op de Fong ze goen. Den SNPPL ass der Meenung, dass de CGDIS seng komplett Dokumentatioun vu Kapp bis Fouss misst iwwerdenken. Dëst souwuel am Rettungsdéngscht wéi och am Pompjeeswiesen, zesummen mat de concernéierten Acteuren um Terrain. Duerno wier et wichteg, de Leit eng anständeg Formatioun an dem Domaine ze bidden. Dëst fuerderen mir iwwregens schonn zënter wéinstens zwee Joer.

Wann hei eppes ofgeséchert gëtt, ass et de CGDIS, an net den eenzelen Pompjee. Andeems hei méiglechst vill Schikanen agebaut ginn, drewit een d'Leit dozou net méi ze froen wat dat Bescht fir de Patient as, mee wéi kréien ech iergendwéi de Patient iwwerzeegt mat an d'Klinik ze fueren. Soumat droen mir aktiv zur Iwwerlaaschtung vun den Urgencen an de Spideeler bei.

Den ganzen Avis kënnt der natierlech op SNPPL.lu liesen.

Fir dat administrativ an technesch Personal hunn mir eis agesaat, dass Plazen am CGDIS fir d'éischt intern ausgeschriwen ginn. Mir haten Fäll, wou Leit sech gär op Plazen gemellt hätten, well se zum Beispill vill méi no bei hinnen Doheem waren. Hei ass den CGDIS hin gaangen an huet dës Plazen awer extern ausgeschriwen. Mir sinn där Meenung, dass dës Approche op laang Sicht zu enger grousser Onzefriddenheet féieren wärt. Den CGDIS soll och hei seng Verantwortung iwwerhuelen an no

Léisungen sichen, déi am Interessi vun jiddwerengem sinn. D'Argument, "dann fehlt eis een op enger anerer Plaz" lossen mir net gëllen.

D'Carrière vun eisen Leit ass eis wichteg an mir ginn net mëtt mat eis dofir anzesetzen. Mir begréissen et, dass den Sport am CGDIS eng Prioritéit ass. An den Promotiounsexamen gehéiert en awer net. Wann een aus Gesondheetsgrënn keen Sport maachen kann, ass een an senger Carrière gebremst oder carément blockéiert. Dat kënnen mir als Gewerkschaft net gutt fannen. Mir mengen och net, dass den Pompjee am Alldag méi fit gëtt wann en 2 mol een Sportsexamen mëscht. Et verlagert een Problem beschtenfalls 2-3 Joer no hannen. Mir wëllen eis dofir stark maachen fir den Sport an domat och d'Gesondheet vum gesamten Personal am CGDIS ze förden.

Merci